



Déi zweet: Huet de Minister schonn dru geduecht, fir - et ass eng Madamm, net en Här - d'Madamm Ambassadeur vun der Türkei ze convoquéieren? Ech mengen, dat ass en Instrument, wat awer ka ganz utile sinn, besonnesch an deem dote Kontext.

An déi drëtt Fro, déi de Claude Wiseler an ech wollte stellen, ass: Wat fir eng Demarchë gi gemaach souwuel um Niveau vun der Europäescher Unioun awer och ganz besonnesch um Niveau vun der NATO? An do schéngt et jo esou ze sinn, an de Minister kann eis dat vläicht och erklären, datt eigentlech eng gemeinsam Positioun um Niveau vun der EU gescheitert ass, well deem ungaresche Representant anscheinend en dënnere minute säin Accord dozou refuséiert huet, wat mir ganz grav fannen.

Ech mengen, mir sinn eis alleguerten an deem Haus hei eens, dat doten ass e Konflikt, deem extrem Konsequenze kann hunn, och fir Europa, och um Niveau vu Flüchtlingsswellen, déi erëm do kéinte kommen. An, ech mengen, duerfir ass et wichteg, datt elo richteg reagéiert gëtt. An duerfir si mir gespaant, elo ze héieren, wat den Ausseminister eis dozou ze soen huet.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools, Här Mosar. An ech ginn d'Wuert weider un den Ausseminister, den Här Jean Asselborn. Här Asselborn, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.** - Här President, jo, ech mengen, et ass gutt, dass mer vläicht direkt och als Regierung kënnen op déi Froen äntweren.

Ech géif ufänken a soen, dass d'Welt konfrontéiert ass mat enger militärescher Operatioun vun den Tierken um syreschen Territoire, dat dierfe mer net vergiessen, mam Zil, e Couloir vu 40 Kilometer laang a 40 Kilometer breed ze schafen, fir ee Puffer ze hunn. Dat ass hir offiziell Ausso: aus Sécherheetsgrënn e Puffer tëschent der Tierkei an de syresche Kurden.

Et ass eng Operatioun, déi mat sech bréngt, dass Dierfer a Stied - den Här Mosar sot elo grad „Zivilisten“, dat ass ganz richteg - bombardéiert ginn, dass mer musse wëssen, dass dat eng Operatioun ass, déi am internationale Recht mat nëischt ze justifizéieren ass. An ech hoffen ... An déi effikasseste Mesure, déi, mengen ech, fir d'Welt misst haut getraff ginn, wier, wann de Conseil de sécurité zu New York géif eng kloer Positioun bezéien. Dir wësst, dass dat en Instrument ass, wat net ëmmer funktionnéiert. Mä an deem Fall hoffen ech wierklech, dass et funktionnéiert.

Et ass net ze justifizéieren an duerfir hu mer och um Niveau vun der Europäescher Unioun probéiert, gëschter, ier déi Operatioun do lassgaangen ass, fir den tierkeschen Autoritéiten eng Warnung auszesprechen, hirem President virun allem, dass se sollen oppassen, wat d'Konsequenzen dovunner sinn.

Leider, dat ass d'Europäesch Unioun haut, ass ee Land, wat dee Statement präventiv net zougelooss huet. An Dir wësst vläicht, ech hu mech och gëschter effentlech do ausgeschat, dass dat net esou ka funktionnéieren. Et ass jo schäusslech, wann een et an esou kapitale Froen net fäerdegbréngt, sech zu 28 wierklech kënnen ausgedrücken, mat Argumenter, déi eigentlech net justifizéiert ginn, mä just mam Wuert: „Dat ass elo net opportun.“

Bon, den Zweck vun deem, wat den Här Erdoğan am Kapp huet, ass jo, ee Korridor ze schafen, net wéinst dem Korridor, mä d'Iddi ass, fir ongeféier eng Millioun, gëtt gesot, och souguer vun inoffizieller Stell, syresch Flüchtlingen, déi elo an der Tierkei sinn, dohinner ze transferéieren.

Ech hunn et gesot an ech widderhuelen et, ech soen et och haut, dass ee muss soen: Chapeau, dass d'Tierkei bis 3,5 Milliounen syresch Flüchtlingen opgeholl huet! Dat ass en immensen Effort, dee se gemaach hunn zënter 2011/2012, a se huet och duerfir Suen, Finanzmëttelen aus der Europäescher Unioun zegutt, fir dass déi Kanner vun de Syrer kënnen an der Tierkei an d'Schoul goen an och medezinnesch versuergt ginn.

Mä mat dëser Operatioun gëtt fir d'Alleréischt emol de syreschen Territoire violéiert, ouni iergendeen Accord um Niveau vun dem internationale Recht. Et gëtt och politesch fir en Ausseminister ... Dir wësst vläicht, dass no villem Hin an Hier endlech e Comité opgeriicht ginn ass, fir d'Verfassung a Syrien op nei Been ze stellen. Ech fäerten, dass heimadder och déi ganz Initiativ hifälleg ass.

Ech wëll awer och soen, an ech mengen, do ass jiddwereen hei an der Chamber mat mer d'accord, Här President, dass et am 21. Jorhonert net ka goen, dass Honnerttausende Leit transplantiéiert ginn. Dat kann nëmme gescheien, wann esou Operatiounen stattfannen, mat der UNO zesummen, mat der UNHCR an

natierlech mam Accord och vun deene Leit, déi concernéiert sinn.

An dat Lescht ass, dass mat där Operatioun do a Syrien och déi ethnesh Zesummesetzung desequilibréiert gëtt. Also, ech mengen, vusaite vun der Europäescher Unioun, do hu mer jo ganz kloer d'Stellung bezunn, och d'Madamm Mogherini gëschter, dass mer dat doten absolut net kënnen akzeptéieren, dass mer dat condemnéieren, a mer hunn och den Opruff gemaach, direkt ze stoppen.

Mir hunn de Méindeg d'Ausseministeren hei zu Lëtzebuerg, de Conseil des affaires générales. A Lëtzebuerg wäert sech asetzen, esou gutt wéi ech dat kann, fir dass kloer Positiounen erauskommen.

Dir wësst, an Amerika ass scho virun e puer Stonnen eng Debatt ugefaange ginn, wou och Senateur vum President senger Partei soen, dass missten do Sanktiounen kommen. Dir hutt gelies, dass et souguer esou wäit geet, dass den tierkesche President soll all Avoiren agefruer kréien a sech och net méi dierft an Amerika deplacéieren, dann och net an den Oval Office. Mä gutt! Ech wëll hei soen, dass mer als Europäesch Unioun de Méindeg an den nächsten Deeg, de Méindeg virun allem, net kënnen de Mantel vun der Gläichgültigkeet do uleëen an net reagéieren.

Ech wëll och soen, fir d'Lescht, fir ofzeschléissen, dass d'Kurden a Syrien jo entscheidend gehollef hunn, fir den IS ze besigen. Entscheedend! Si hunn hire Kapp duergehalen. Si hunn zesumme geschafft mat der Global Coalition, och mat den Amerikaner virun allem. An duerfir ass et wierklech, jo, e weínege ... oder carrement net ze verstoen, dass do sollt deem Accord tacite sinn tëschent dem President vun den USA an dem President vun der Tierkei, fir déi Operatioun do iwwerhaupt starten ze loos-sen. Dat ass e Verrort un de Kurde schlechthin!

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.** - E Verrort u Leit, déi de Kapp fir eis Sécherheet duergehalen hunn.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.** - Duerfir, Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, ech géif mengen, dass mer op déi lescht Fro och solle mat villem Serio an natierlech och mat där néideger Asiicht op d'Situatioun reagéieren. Dat ass: Wat geschitt mat deene Leit, déi an deem Couloir do sinn, déi Foreign Fighters sinn, an deenen hire Familljen? Dat ass absolutt schwéier de Moment ze definéieren.

Ech hu gëschter Mëtteg, soubal wéi ech héieren hunn, dass den Declenchement war, duerfir konnt ech och net an der Chamber si gëschter Mëtteg, zesumme mat eisem Ambassadeur geschwat a mat anere Leit an der Tierkei. Mir hunn eisen Ambassadeur och gefrot, hie soll sech direkt kuerzschléissen mat den Ambassade vun der Belsch, vun den Hollänner an de Fransousen.

Dir wësst, déi Länner hunn Honnerte Kämpfer, déi an där Regioun kënnen sinn. „Kënnen sinn“, ech soen net ... Dat ass net bewisen. Et gëtt och, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä och am Ausland, dat kann ech lech hei op der Chambertribün soen, grouss Ennerscheeder an der Appreciatioun, wou déi Lageren sinn an a wat fir eng Hand déi Lagere riskéieren ze kommen.

Dir wësst, déi Länner, déi ech lech genannt hunn, déi hunn net vläicht ee Kämpfer do, mä déi hunn der Honnerten. A mir hunn als Lëtzebuerg deem nämlechten Interêt, ob mer een oder ob mer der honnert hunn oder dausend hunn, fir eis do kuerzzeschléissen a mat agebonnen ze bleiwen, fir dass mer do wëssen, a wat fir eng Richtung dass dat geet.

Ech kann lech nëmme just do eent versprechen an och soen, dat weess ech och vun der däitscher Säit: Mir tappen do e weínege am Donkelen! A mir kënnen eis nëmme just uschléissen un déi, déi méi staark Queren hu wéi mir a méi staark och vläicht involvéiert sinn. Mä op Niveau vun deenen anere Länner ass och net alles evident. Duerfir, iwwert de Biais vun eiser Ambassade an der Tierkei versichen ech do, eng Koordinatioun hinzekréien, fir ze kucken, dass mer kënnen beschtméiglech do och fir d'Lëtzeburgerger Sécherheet a fir d'Sécherheet selbstverständlech vun Europa matwierken.

E leschte Punkt nach vläicht. Här Mosar, bon, den Ambassadeur abestellen, dat ass ëmmer ... Mä gleeft mer, an deem Fall hei ass d'Potenzial vun deem Instrument net à même, e Revirement hierzustellen.

Merci.

(*Interruption par M. Laurent Mosar*)

► **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools, Här Asselborn.

**10. 7375 - Projet de loi portant approbation de l'Accord d'étape vers un accord de partenariat économique entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et la partie Afrique centrale, d'autre part, fait respectivement à Yaoundé, le 15 janvier 2009 et à Bruxelles, le 22 janvier 2009**

**7376 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et la République d'Afrique du Sud, d'autre part, modifiant l'accord sur le commerce, le développement et la coopération, fait à Kleinmond, Afrique du Sud, le 11 septembre 2009**

**7377 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de partenariat économique d'étape entre la Côte d'Ivoire, d'une part, et la Communauté européenne et ses États membres, d'autre part, fait respectivement à Abidjan, le 26 novembre 2008 et à Bruxelles, le 22 janvier 2009**

**7378 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de partenariat économique d'étape entre le Ghana, d'une part, et la Communauté européenne et ses États membres, d'autre part, fait à Bruxelles, le 28 juillet 2016**

**7379 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de partenariat économique entre les États du Cariforum, d'une part, et la Communauté européenne et ses États membres, d'autre part, fait à Bridgetown, la Barbade, le 15 octobre 2008**

**7380 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de partenariat économique entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et les États de l'APE CDAA, d'autre part, fait à Kasane, le 10 juin 2016**

Eisen nächste Punkt vun eisem Ordre du jour si sechs Projets de loi: d'Projete 7375 bis 7380 iwwer Accorde fir wirtschaftlech Partneriater. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur vun deene sechs Projeten, den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

**Rapports de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile**

► **M. Marc Angel (*LSAP*), *rapporteur*.** - Jo, villmools Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleginnen a Kollegen, Här Minister, wéi Der et gesot hutt, Här President, geet et hei ëm sechs Accorden, déi mer virun eis leien hunn an déi mer duerch e Vott vun deene sechs dozougehéierege Projet-de-loien unhuuele wäerten um Enn vun dëser Presentatioun an Diskussioun.

Et ass de Projet de loi 7375. Do geet et ëm en Accord d'étape vers un accord de partenariat économique tëschent der Communauté européenne an hire Memberstaten an der Partie Afrique centrale. Dësen Accord ass allerdéngs bis elo just vum Kamerun 2009 ënnerschrifwe ginn an 2014 ratifizéiert ginn.

De Projet de loi 7377. Do geet et ëm en Accord de partenariat (veuillez lire : économique) d'étape mat der Côte d'Ivoire, deem 2008 ënnerschrifwe gouf an 2016 vun der Côte d'Ivoire ratifizéiert gouf.

Den 7378 ass en Accord de partenariat économique d'étape mam Ghana, deem 2016 vum Ghana ënnerschrifwen a ratifizéiert gouf.

Den 7379 ass en Accord de partenariat économique mat de Länner vum Cariforum, deem 2008 ënnerschrifwe gouf.

An den 7380 ass en Accord de partenariat économique mat de Länner vun der Communauté de développement d'Afrique australe, fir deem d'Verhandlungen 2014 ofgeschloss gi sinn, erfollegräich, an deem 2016 ënnerschrifwe gouf.

An dee leschten, (veuillez lire : den 7376,) dat ass keen Accord de partenariat économique. Dat ass en Accord, deem de besteeënden Accord iwwert de Commerce, d'Entwécklung an d'Kooperatioun mat Südafrika modifizéiert.

All dës Accorden, dat wëll ech direkt ervirsträichen, sinn Accord-mixten, dat heescht, Accorden, wou de Volet Commerce haaptsächlech EU-Kompetenze sinn, an d'Nature mixte läit am Fong um Volet Développement.

Déi Accorden, besonnesch wat den Handel ubelaangt, déi si schonn en vigueur. Et ass jo ëmmer bei deenen Accord-mixten eng „provisional application“. Déi sinn, wéi ech gesot hunn, vun de verschiddene Parteie ratifizéiert, awer och vum Europäesche Parlament.

Et gouf decidéiert, fir dës sechs Accorden hei zesummen an der Chamber ze diskutéieren, well se eben Deel si vun enger Politik vun der Europäescher Unioun, fir de Commerce an d'Entwécklung mat den AKP-Länner ze regelen. E kuerze Rappel: Dir wësst, d'AKP-Länner ass e Grupp vun 79 Länner: afrikaneschen, karibeschen a pazifische Staten oder Länner.

Ech wëll kuerz deem een Accord, deem net en Accord de partenariat économique ass, den Accord mat Südafrika uschwätzen, deem ofgeänert gëtt. Dat ass also de Projet 7376. Den initialen Accord, also deem, dee mer ofänneren, regelt de Commerce, d'Entwécklung an d'Kooperatioun tëschent der EU a Südafrika.

E gouf 1999 ënnerschrifwen, an d'Chamber huet deem am Mäerz 2004 per Gesetz ugehall. 2005 hunn dunn déi zwou Parteien an enger Deklaratioun vum Conseil de coopération vereinbart, verschidden Ännerungen am Accord virzehuelen. Hei geet et virun allem ëm d'wirtschaftlech Kooperatioun an och d'Entwécklungskooperatioun. De Commerce gouf eben am Kader vum APE mat der CDAA, dat ass d'Communauté de développement d'Afrique australe, negociéiert. An dës Ännerunge goufen 2009 an engem Accord festgehalen, déi elo Inhalt vum Projet 7380 sinn, deem och elo der Chamber virläit.

Wann ech elo zrëckkommen zu den Accords de partenariat économique a wann een déi fënnef Accords de partenariat économique, déi hei an deem Pak vun deene sechs Projete sinn, zesumme géif leeën, da komme mer op eng Mass vun Dokumenter, déi enorm ass. Et sinn iwwer 6.000 Säiten, héich technesch Säiten.

An ech wëll nach eng Präzisioun ginn: Bei deene fënnef Projet-de-loien, do ass ee vollstännegen Accord de partenariat économique derbäi, deem eng ganz Regioun beinhalt. Dat ass d'Regioun Cariforum, d'Karibikstater. An déi aner, dat sinn Accords de partenariat économique d'étape.

D'Ziler awer vun all den Accorden, iwwert déi mer diskutéieren, sinn u sech, mengen ech, relativ einfach. Et geet tatsächlech drëm, d'Handelsrelatiounen mat den AKP-Länner ze moderniséieren, se an Aklang mat de Regele vun der OMC ze bréngen an en Appui fir eng wirtschaftlech Entwécklung vun dëse Länner a Regiounen duerch eng progressiv Abannung an d'Weltwirtschaft a besonnesch fair Handelsrelatiounen ze ginn.

D'Verhandlungen fir dës Accorde gounge vun 2002 bis 2007. D'Decisioun, fir d'Handelsrelatiounen op eng nei Base ze stellen, ass allerdéngs op extern Emstänn zrëckzeféieren. An dorops kommen ech nach ze schwätzen.

Lëtzebuerg an dës Regierung, genau wéi hir Virgängerregierungen, setze sech a mat engem eierleche Geescht fir fair Relatiounen, am Handel an doriwwer eraus, mat den AKP-Länner a virun allem och mam afrikanesche Kontinent.

Ufank 2007 huet den deemolege Kooperationsminister Jean-Louis Schiltz un den deemolegen EU-Kommissär fir Kooperatioun an Entwécklungszesummenaarbecht Louis Michel geschrifwen, fir ze ënnersträichen - an ech erlabe mer ze zitieren - « l'importance non seulement de mettre en place des accords équitables, mais aussi d'assurer à ces accords un véritable caractère d'instrument de développement ».

En huet a sengem Bréif och eng Rei Preoccupatiounen vun den AKP-Länner opgezielt, déi d'Verhandlungen erschwéiert hunn. An dës Uleies gouf vun Ufank un an och duerno vun der Lëtzeburgerger Regierung, awer och vum Parlament hei verteidegt.

Ech erënneren drun, dass mer vill Okkasionen haten, hei Vertrieder vun eise Partnerlänner an der Kommissioun ze empfänke während deene leschten zéng Joer. Vertrieder, sief dat Diplomaten, Regierungsmitglieder, awer och Vertrieder vun der Zivilgesellschaft aus deene Länner. Ech kommen herno och nach dorobber ze schwätzen.

D'APEe si jo duerchaus, wéi gesot, kontrovers diskutéiert ginn. An et ass wichteg, dass et



iwwer esou fundamental Theme wéi d'Relatioun mat den AKP-Länner eng Diskussioun gëtt an eng Diskussioun, wou déi richteg Froe gestallt ginn.

Mä am Verglach mat den Ufänk gouf et awer effektiv vill Verbesserungen un dësen APEn. D'Aushandelen oder d'Negociatiounen vun den Accords de partenariat économique muss een och am méi breede Kontext vum Accord de Cotonou gesinn, deem 2000 adoptéiert gouf an de Kader fir d'Relatiounen vun der Europäescher Unioun mat den AKP-Staten duerstellt.

A wéi Der wësst, leeft deem Accord 2020 of. D'Verhandlungen, fir déi zukünfteg Partnerschaft ze definéieren, sinn den 28. September ugaangen. Dat huet zwar a priori keen Impakt op d'APEn, mä dat ass och eppes, wou mer als Parlament (veuillez lire : eis Parlamentarier zu Bréissel) ëmmer gefrot hunn, wann zu Bréissel negociéiert ginn ass, wou déi Verhandlungen dru sinn. An ech mengen, et ass och eng Aufgab vun onser Chamber, déi dote Verhandlungen, déi d'nächst Joer sollen ofgeschloss ginn, am A ze behalen.

Dem Accord vu Cotonou säin Zil war et, d'Aarmut ze verréngeren an d'AKP-Länner graduell an d'Weltwirtschaft ze integréieren, an dat op Basis vun dräi Säilen.

Déi éischt Sail vun der Integratioun ass d'Kooperatioun, also d'Entwécklungszesummenaarbecht.

Déi zweet Sail ass d'wirtschaftlech Zesummenaarbecht an den Handel.

An déi drëtt Sail huet eng politesch Dimensioun.

An dofir fannen ech et och net richteg, wann et Leit ginn, déi soen, et wäre reng Fräihandelsaccorden. Et sinn näamlech niewent deem wirtschaftlechen Aspekt deem Aspekt vun der Zesummenaarbecht an och dee politeschen Aspekt, mengen ech, ganz wichteg. A bei deem geet et natierlech och ëm Gouvernance a Rechtsstaatlechkeet.

Dat ass zum Beispill och e Grond, firwat verschidden afrikanesch Länner Problemer dermat haten: well se net d'accord ware mat deene Konditiounen vu Rechtsstaatlechkeet a Mänscherechter, déi drastoungen. Et sinn och aner, déi hate Problemer mat den Handelskonditiounen. Mä et ass net nëmmen, dass déi Negociatiounen do weinst dem Handel laang gedauert hunn, och aner Aspekter hu matgespillt.

D'Handels- an d'ekonomesch Dimensiounen spillen, wéi ech elo gesot hunn, natierlech eng wichteg Roul. An dat wëll ech natierlech net verheemlechen. Dobäi muss awer gesot sinn, dass d'Iddi vun den APEn duerch d'Evolutiounen am institutionelle Kader vum Welthandel an d'Spill komm sinn.

Virdu gouf den Handel tëschent der EU an den AKP-Länner duerch Préférences commerciales unilatérales geregelt. An dat war nach ënnert der Lomé-Konventioun, déi dës Länner e bevurzugten Accès op den europäesche Marché ginn huet.

Well dës Präferenzen awer net konform zu de WTO-Regele sinn an, méi spezifesch, mat der Clause de la nation la plus favorisée, war et noutwendeg ginn, eng nei Basis fir dës Handelsrelatiounen ze fannen.

Tëscht 1996 an 2007 gouf et weiderhin unilaterial Präferenzen, déi duerch e Waiver vun der Welthandelsorganisatioun legitiméiert woren. Esou kommen dunn d'APEn an d'Spill, also eng Form vun Accorden, déi den Handel an och den Développement an aner politesch Punkten tëscht den AKP-Länner an de Länner an der EU regele sollen. Esou sollen d'AKP-Länner de preferentiellen Accès zum EU-Marché behalen. Dat mat verschiddene regionale Gruppéierungen, an net mat 79 eenzelne Länner.

D'APeE sinn, wéi ech schonns gesot hunn, keng reng Fräihandelsaccorden, mä och en Instrument, fir d'Entwécklung vun den AKP-Länner ze erlaben. Virun allem huele se och déi spezifesch Besoine vun den AKP-Länner en compte, anescht wéi déi typesch Fräihandelsaccorden. Dat initialt Mandat vum Conseil vun der EU huet och kloer ënnerstrach, dass dës Ennerscheeder an d'Beschränkunge vun den AKP-Länner en Consideratioun musse geholl ginn.

Bei deem Accords de partenariat économique geet et effektiv ëm ..., et ass am Fong deem éischte Versuch, fir den Handel tëschent Länner mat staarken Ennerscheeder an der wirtschaftlecher Entwécklung ze liberaliséieren. Et muss een dobäi soen, dass de Schwéierpunkt, deem ufanks vill méi staark um Handel louch, no an

no ëmmer méi a Richtung Entwécklung gedréckt gouf, dat virun allem ënnert der Initiativ vum deemolege Kommissär fir d'Entwécklung Louis Michel.

Ech brauch lech net un déi Diskussiounen ze erënneren, déi et an der Kommissioun deemools gouf tëschent dem Handelskommissär Mandelson an dem Entwécklungskommissär Louis Michel. An d'Lëtzebuerger Regierung an d'Lëtzebuerger Parlament waren do ëmmer op der Säit vum Entwécklungskommissär Louis Michel, fir eben déi Dimensioun Entwécklung an deenen Accorden ze stäerken.

An dofir hunn déi Verhandlungen natierlech vill méi laang gedauert, wéi et ufanks ageplangt war. An et gouf Ennerscheeder tëscht deene verschiddene regionale Gruppen. An et gouf effektiv eng Rei vu Schwieeregkeeten.

De Stand elo ass, dass d'Verhandlungen fir siwen APEn ofgeschloss sinn. Dovunner ginn der véier als final ugesinn, déi aner als interim. A mir hunn elo fënnf APEn hei an der Chamber, déi mer dovunner ze approvéeieren hunn.

Effektiv war et bis elo just méiglech, en ëmfaassenden Accord mam Cariforum, also mat där Regioun an der Karibik, ofzeschleissen, deem all d'Elementer mat abegräift, also niewent dem Gidderhandel och den Handel vu Services, den Investissement, d'effentlech Ausschreibungen, de Schutz vun der Propriété intellectuelle oder de Wettbewerb.

Zwee Accords d'étape mam Ghana a mat der Côte d'Ivoire; well eben de regionalen APE duerch d'Opposition vun Nigeria an initial och vu Mauretanien a Gambia, déi awer 2018 finalement ennerschriwwen hunn, net provisoersch a Kraaft triede kann.

Dës Accorden hu sougenannt Rendez-vous-Klauselen, déi weider Negociatiounen zu deenen aneren Elementer virgesinn.

Limitéiert APeE mat den zentralafrikanesche Staten an der CDAA, déi provisoersch applizéiert ginn, sinn och derbäi. Mä de Fait, dass d'Negociatiounen esou laang gedauert hunn an dass et Schwieeregkeete gouf, weist och, dass et reell Negociatiounen waren, wou d'AKP-Länner hir Suergen an hir Positiounen era-bruecht hunn.

D'APeE goufen hinnen also net, wéi dat oft gesot gëtt, imposéiert. An ech weess dat hei: Mir hate jo oft, wéi ech virdru gesot hunn, Vertrie-derinnen a Vertrieeder aus deene Länner hei, déi eis ëmmer virgeworf hunn a gesot hunn: „Mengt Dir, mir wären ze domm, fir ze verhandelen?“, an déi eis gesot hunn, wéi se verhandelt hunn.

Ech mengen, dat waren Diplomaten, dat ware Regiounsvertrieeder. An et waren ... Ech erënner mech och u Vertrieederinnen a Vertrieeder vun der afrikanescher Zivillgesellschaft hei, déi fir Kooperativen aktiv sinn an déi gesot hunn, fir si wär et wichteg, dass si net nëmmen zu Klengbauere gehale ginn, mä dass si sech och kennen entwéckelen. An ech mengen, déi Stëmme muss een och en Consideratioun hue- len.

Effektiv hu sech verschidde Länner, wéi ech eben elo d'Beispill vun Nigeria gesot hunn, kloer géint d'Accorden ausgeschwat. An ech mengen, dat ass hiert gutt Recht, well et gëtt kee forcéiert, esou Accorden ofzeschleissen. Den Handel mat deene Länner gëtt dann ënner anere Regimier gefouert, zum Beispill dem „Everything But Arms“. Dat gëllt natierlech fir d'„least developed countries“, nëmme fir déi Länner, déi am mannsten entwéckelt sinn.

D'Accords de partenariat économique hunn zum Zil, d'EU-Importer an den AKP-Länner ze erhéien an déi wirtschaftlech Diversifikatioun unzedriewen. D'APeE kënnen EU-Investoren och méi legal Sécherheet ginn. A méi Investis- sementer kënnen d'wirtschaftlech Entwécklung an d'Kreatioun vun neien Aarbechtsplazen un- driewen.

Den Hauptanker vun den APeE bleift awer d'Entwécklung vun den AKP-Länner, eben duerch asymmetresch Handelsaccorden. An d'Kapitelen iwwer Entwécklung huelen dofir och eng wichteg Plaz an.

D'Éffnung vun de Marchéen ass asymmetresch, woubäi d'EU hire Marché direkt a komplett fir d'AKP-Länner opmécht, während d'AKP-Länner hir Marchéen iwwer maximum 25 Joer graduell an net komplett opmaachen. Dat variéiert vun Accord zu Accord. Déi sensibelst Produkter, oft Agrarprodukter, gi geschützt.

Wéi virdru scho gesot, ginn d'Besoinen vun de Partnerlänner en compte geholl, och wat de Schutz vun Agrikulturmarchéen, d'Industrialisa- tioun, d'Entgéigewierke vum der Reduktioun vun de Steuerrevenue an d'Ajustementen op EU-Standarden ugeet.

Weider kënnen och d'AKP-Staten déi souge- nannt „safety valves“ oder Sécherheetsvalven asetzen, déi et erlaben, bei engem iwwermeis-

seg héijen oder schnellen Zouwuess vun den Importen aus der EU, déi déi national Pro- duktioun menacéieren, op deenen dann Droits de douane opzehiewen. Am APE mat der CDAA gëtt et zum Beispill fënnf esou „safety valves“.

Et gëtt ausserdeem Klauselen, déi den AKP-Län- ner et erméiglechen, hir jonk Industrien ze schützen a se méi laang an Isolatioun vum Marché wuessen ze loosse.

Am Kader vun der PAC, der europäescher Agrarpolitik, gëtt och d'EU u sech keng Subside fir Exporter méi, déi et europäesche Produzente géifen erlaben, d'Produite fir ganz niddreg Präisser an d'AKP-Länner ze verkafen. Den APE mat der CDAA ass den éischten Accord, deem d'Méiglechkeet eliminéiert, fir Subsiden op Agrikulturexporter ze benotzen.

An, ech mengen, et ass och gutt, dass dat do esou ass, dass d'europäesch Agrarpolitik do Moosname geholl huet, well mir kennen de Fall vum europäesche Poulet am Senegal zum Beispill. Deen ass oft erwänt ginn. Dass dat elo der Vergaangenheet ugehéiert, mengen ech, ass richteg.

Den Engagement fir d'Mënscherechter, d'De- mokratie an d'Rechtsstaatlechkeet ass am Aklang mam Cotonou-Accord och an den APEn agebaut, wéi och d'Méiglechkeet, duerch eng indirekt Referenz den Accord ze suspendéieren, wann dës Prinzipien enner- gruewe ginn.

Här President, ech géif lech gentiment froen, et si sechs Projeten hei, déi ech mer zesammen- huelen, ob ech fënnf Minutte méi Zäit kréien, fir wierklech de Rapport uerdentlech ze maa- chen.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Här Angel, Dir däärf.

► **M. Marc Angel (*LSAP*), *rapporteur*.** - Merci. Da sinn ech och net esou nervös, wann hei déi rout Luucht ugeet.

► **Une voix.** - Am Europaparlament hutt der manner Zäit.

► **M. Marc Angel (*LSAP*), *rapporteur*.** - Jo, bei engem Rapport zwar méi. Bei engem Rapport méi.

(*Hilarité*)

► **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Här Angel, Dir däärf déi Zäit, déi Der nach bei eis däärft verbréngen, genéissen.

(*Hilarité*)

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. Marc Angel (*LSAP*), *rapporteur*.** - Merci.

(*Brouhaha*)

► **Une voix.** - Deem ass näischt méi bäize- fügen.

► **M. Marc Angel (*LSAP*), *rapporteur*.** - Dat kann nach e bëssen daueren.

(*Hilarité*)

Den Développement durable gëtt als ee vun den Haaptobjektiven vun dësen Accords de par- tenariat économique ausgemaach. A virun allem den Accord mat dem Careforum huet e staarkt Kapitel zu dësem Thema. D'Provisiounen zu Aarbechts- an Ëmweltstandarde gëtt et a verschiddene Stufen, woubäi ee muss soen, dass der EU hir Startpositioun war, fir separat Sozial- an Ëmweltkapitelen an all APEn ze hunn.

D'Architektur vun den APEn ass also schonn drop ausgeluecht, den Differenzen zwëschen enger developpéierter Wirtschaft, wéi mir se hei an der EU hunn, an enger manner develop- péierter Wirtschaft vun den AKP-Länner Rech- nung ze droen. Mä natierlech geet et och drëms, dass dës Mechanisme spéiderhi gräifen. An hei däärf mer net vergiessen, dass am Ko- alitiounsaccord festgehalten ass, dass sech d'Re- giierung um Niveau vun der EU derfir asetze wäert, eng objektiv Evaluatioun vun dësen Ac- corden ze maachen a virun allem vun hire Kon- sequenzen op d'Entwécklung vun den AKP- Länner.

Fir d'LSAP ass dat keng eidel Phras. Falls sech sollt erausstellen, dass d'Accorden net déi gewënschten Effeten hunn, musse mer de Cou- rage hunn, fir bei dësen Accorden nozebesse- ren an eis Relatioun mat deene Länner besser ze steieren.

Dat wërf och d'Fro vum Impakt méi generell op. Eng nei Evaluatioun ass elo um Wee a wäert Enn 2019 fäerdeggestallt ginn an 2020 publizéiert ginn. Verschidde Studie weisen, dass d'APEn e positive wirtschaftlechen Im- pakt kënnen hunn, wann och moderat. Trotz- deem sinn d'Accords de partenariat écono- mique eng Approche, déi d'Handelsrelatiounen gezwongenerweis op nei zolidd Bee stellt.

Awéiwäit Kompromisser méi an déi eng oder an déi aner Richtung hätte sollen ausfalen, do kann een driwwer diskutéieren. Mir däärfen

och net vergiessen, dass eenzel Länner an der Europäescher Unioun speziell Interessen hunn, déi se gegebenenfalls och méi aggressiv duerchsetze géifen. D'Accords de partenariat économique setzen trotzdeem e multilaterale Kader deen, an dat ass eis Hoffnung, et erlaabt, d'Ziler, déi am Accord de Cotonou stinn, ze er- rechen.

Dat gesot, ginn ech natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu deenen Accorden.

An eng lescht Remark ass: Mir hunn, a beson- nesch ech als Spriecher vun der LSAP, déi Ac- cords de partenariat économique ëmmer ganz kritesch begleet. 2004 ass et ugaangen hei an der Chamber. Mir sinn an all Discours, an all Ried zur Entwécklungspolitik drop agaangen, mä ech sinn awer frou, dass sech am Laf vun där laanger Zäit vun de Verhandlungen ganz viles dra geännert huet. An ech sinn och iw- werzeegt, dass dat, wat am Koalitiounsaccord steet a wat ech elo hei zitéiert hunn, keng eidel Phras bleift. Et ass also en Dossier, wou mer als Chamber gehale sinn, en A drop ze halen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci vill- mools, Här Angel. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **M. Laurent Mosar (*CSV*).** - Jo, Merci, Här President. Ech wëll ufänke mat engem ganz, ganz grouse Merci un deen excellente Rapporteur Marc Angel.

Dir hutt et schonn e bësselchen ugeschwat, et ass jo eng kleng Gefor, dass mer e geschwé wäerte vermessen. Fir eis wäert dat e ganz grouse Verloscht sinn, well ech muss einfach soen, dass de Marc dat ëmmer excellent ge- maach huet, souwuel d'Presidence vu senger Kommissioun wéi och déi Rapporten, déi e ge- maach huet. Déi sinn ëmmer excellent an do huet een eigentlech net méi vill brauchen der- bäizefügen. Duerfir, mengen ech, kann ech och de Mëtteg ganz kuerz sinn. Dat al- lermeescht ass hei vum Rapporteur gesot ginn.

Ech géif awer nach eng Kéier op zwee Punkten hiweisen. Mir hunn eis natierlech och Gedanke gemaach iwwer eventuell Avantagen an Des- avantagë vun deenen doten Accorden, well mer eis och bewosst sinn, dass natierlech eng Rei vu Geforen do sinn, déi een och net soll ën- nerschätzen. Mir mengen allerdéngs, dass déi positiv Elementer iwwerweien. An duerfir wäerte mir och eis Zoustëmmung zu deenen Accorde ginn.

Ech sinn awer och d'accord mam Rapporteur, fir ze soen: Mir müssen d'Exekutioun vun deenen Accorde wierklech ganz genau am A behalen. A wa mer wierklech mierken, dass et do op enger Rei vu präzise Punkte riskéiert, Problemer fir eenzel Entwécklungslänner ze ginn, mengen ech, musse mer och prett sinn, fir relativ kuerzfristeg ze reagéieren a fir dann, le cas échéant, och déi Adaptatiounen virzehue- len, déi sech imposéieren. Nach eng Kéier, mir mengen, am Moment géife wierklech déi posi- tiv Elementer iwwerweien.

E lescht Wuert, wat ech och nach eng Kéier wëll soen, dat ass, wat deem Accord mat Süda- frika betrëfft, ech hunn et och schonn e puer- mol an der aussepolitescher Kommissioun ge- sot: Südafrika, mengen ech, ass ee Land, wat eis am Moment extrem vill Suerge mécht. Dat ass eent vun deene wirtschaftlech erfolleg- rächste Länner während Joren, wann net sou- guer Jorzéngte gewiescht, e wonnerschéint Land mat extrem vill Potenzial.

Et muss een awer einfach elo konstatéieren, wat do an deene leschte Méint a Jore geschitt ass, dass dat engem leider Gottes net ganz vill Grond fir Optimismus gëtt. A mir hunn hei no- tamment ee risige Problem vu Korruptioun, souwuel beim viregte Regimm, wat u sech dees- selwechten ass wéi deem aktuellen. Och wann d'Persounen um Niveau vun der Presidence do echangéiert gi sinn, zweifelen ech awer drun, dass do wierklech eppes geschitt ass. An ech mengen, dat Land muss wierklech déi Pro- blemer vun der Korruptioun an de Grëff kréien. Duerfir sinn ech och d'accord mam Marc Angel, dass dee ganze Volet Gouvernance ex- trêmement wichteg ass.

Wat mir awer och Suergen an deem Land mécht, dat ass deem am Moment entstoende Rassismus. A wann ech do vu Rassismus schwät- zen, ass et emol net nëmmen e Rassismus géint wäiss Leit, mä och e Rassismus deelweis géint schwartz Leit, déi aus anere Länner dohinner schaffe kommen, wou et elo an de leschte Wochen extrem heftig Attacke gi sinn. An duerfir mengen ech, musse mer dat dote wierklech am A behalen an och als Europäesch Unioun drop hirschaffen, dass dat Land erëm iergendwéi de Wee op méi positiv Gleiser fënn. Well ech mengen, dat Land huet et verdéngt.



Dat gesot, ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu all deenen Accorden.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Mosar. An da wier et um hono-rabelen Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP)**.- Merci, Här Pre-sident. Effektiv huet de Marc Angel dat schonn, wéi mer dat och vun him gewinnt sinn, op eng wierklech ganz flott an och kompetent Aart a Weis hei gemaach. Ech gi gärden zou, ech hunn déi 6.000 Säiten net gelies. Mä trotzdem kann een awer eng Synthesen aus deene 6.000 Säiten hei erauszielen, an zwar an deem Sënn, datt déi Accorde fir eis awer eng dach gewësse Wich-tegkeet hunn.

Selbstverständlech däerf een dat net ignoréieren, wat och vu kritescher Säit aus, net nëm-men heibannen, mä virun allem och dobaussen an och vum Cercle des ONG a vun aneren Or-ganisatiounen hei ëmmer erëm monéiert ginn ass, datt een déi Accorden awer och hei muss, wéi gesot, mat engem gewëssene kriteschen A kucken. Dat maache mer selbstverständlech och.

Mir mengen awer, datt trotzdem dat Positivt hei iwwerweit. An ech wëll och drop hiweisen, datt et wichteg ass, datt mer jo ëmmer d'Méiglechkeet hunn, déi all fënnef Joer späits-tens ze revidéieren an och nozekucken an eis gegebenefalls dann och bemierkbar ze maa-chen. Ech mengen, dat soll en Opruff si virun allem och un d'Lëtzebuerger Regierung, fir, le cas échéant, dann och ze intervenéieren.

Ech wollt awer och nach e Wuert soen zu Süda-frika, wéi de Laurent Mosar dat hei scho richtig bemierkt huet. Ech mengen, dat ass e ganz speziellen Accord. E Land, wat vill méi wäit ewech ass wéi déi meescht, mat deene mer hei Accorden ënnerschriwwen hunn. E Land, wat jo eng ganz speziell Geschicht huet. Ech brauch nëmmen un een Numm ze erënneren, den Nelson Mandela, dee jo awer nu wierklech do fir en neien Opbroch gesuergt hat, wéi en 1999 (veuillez lire : 1994) un de Pouvoir komm ass, wéi d'Apartheid ofgeschaaft ginn ass.

Wa mer effektiv gesinn, wat sech an deene leschte Méint oder an deene leschte Joren an deem Land elo erëm deet, da muss ee ganz vi-gilant sinn. An op där enger Säit gëtt dat hei eis d'Méiglechkeet, natierlech mat Südafrika besser nei Kontakter ze schafen.

Ech wëll drop hiweisen, datt zum Beispill Lëtze-buerg jo och gewësse kommerziell Aktivitéite mat deem Land huet. Wat den Import ube-laangt, do läit dat Land op der 52. Plaz. Dat ass net ganz vill: 0,01 %. Beim Export op der 29. Plaz: 0,38 %. Dat sinn natierlech keng riseg Chifferen. Mat Sécherheet ass do nach e gewëssent Potenzial. Mä nach eng Kéier, et muss een awer och op där anerer Säit drop hiweisen, datt awer, wat de politesche Regimm ubelaangt, sech do amgaangen ass eppes ze entwéckelen, wat eis net kann esou gefalen.

Ech wollt awer nach eng Kéier kuerz, wéi ge-sot, zrëckkommen op déi Kriticken, déi vu baussen elo munchmol un deenen Accorden hei un eis erubrecht ginn. Wann een eng ge-nee Lektür mécht, da fënnt een awer och posi-tiv Saachen eraus. An da muss een awer och déi Kritiker drop hiweisen, datt awer och d'Pol-i-tik versicht, net nëmmen e reng ekonomes-chen Aspekt hei ze consideréieren, mä datt awer och nach aner Voiete fir eis eng grouss Wichtegkeet hunn.

Ech denken un ethesch Valeuren, déi hei mat verschafft ginn. Ech denken un d'Enner-stëtzung vun deene lokale Produzenten. Also et ass net esou, fir elo der Europäescher Unioun respektiv och eise Land de Virwurf ze maa-chen, wéi wa mir hei nëmme reng duerch en ekonomesche Brëll géifen alles gesinn. Et muss een natierlech awer vigilant an Zukunft sinn.

An da virun allem ee Volet, deen ëmmer an all deene Jore monéiert ginn ass, an dat ass och richtig gewiescht: Déi Subventioun vun den Agrarprodukter, déi exportéiert gi sinn an déi Länner, datt déi jorelaang subventionéiert goufen. Dat war, ech géif scho bal soen, jo, et kann ee scho bal soe skandaléis. Dat ass, Gott sei Dank, net méi de Fall. Dat däerf och net sinn. Dat huet déi lokal Marchéen doënneen och sensibel beréiert, fir net ze soen zum Deel och ageschränkt bis zum Deel souguer futtige-maach.

Onofhängeg vun deenen eenzelne Remarken, och e bësse lichter méi kritescher Natur, wëll ech awer nach eng Kéier hei ënnersträichen, datt mer als Demokratesch Partei awer hannert deenen Accorde stinn. A mer wäerte se selbst-verständlech och stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Graas. An da ginn ech d'Wuert wei-der un d'Madamm Stéphanie Empain.

► **Mme Stéphanie Empain (*déi gréng*)**.- Merci, Här President. Och e grouse Merci un de Rapporteur, deen hei déi grouss Sisypus-aarbecht gemaach huet, déi puer Verträge mat-eneen ze presentéieren an och alles an e Kontext ze setzen.

Ech ginn elo net op alles détailléiert an. Mä ech mengen, et ass awer och ganz wichteg vun eiser Säit, dass mer op déi kritesch Stëmmen aginn. Kritesch Stëmmen, déi mer zu engem gudden Deel jo och kënnen deelen, well et wichteg ass, wéi den Här Graas och grad gesot huet, dass mer esou Projeten och kritesch begleeten.

Mir krute jo och verschidden Avisen geschéckt. Ech géif awer och gare virausschécken, dass eng Partie vun den Argumenter, déi doranner opgefouert gi sinn, sech op eng Situatioun ba-seieren, déi virun der Reform vun der GAP be-stanen huet, wou et méiglech war, ebe staark subsidiéiert Produiten an déi Länner zu extrem gönschtege Präisser ze verkafen, wat zu deene Problemer gefouert huet, déi mer elo och op-gezielt hunn.

D'EU huet sech hei an deem Kader awer och engagéiert, keng Produkter ze subsidiéieren, déi an d'AKP-Staten exportéiert ginn. A wat kloer dobäi erauskënnt, ass, dass esou Ac-corden ... Handel fënnt souwisou egal wéi statt. An des Accorde bidden awer bis zu engem gewësse Grad och d'Méiglechkeet, déi Länner ze schützen, soudass mer hei net vun engem klassesche Fräihandelsaccord kënnen schwätzen, wéi dat eben an engem anere Ka-der de Fall ass.

Mir hunn och driwwer geschwat, de Regie-rungsaccord gesäit vir, esou Evaluatiounen ze maachen, och op EU-Niveau, virun allem wat d'Konsequenze vun desen Accorden op d'AKP-Staten ubelaangt. Des Verträge, déi Accorden, déi gi jo och souwisou all fënnef Joer reviséiert. An do muss dann och effektiv gekuckt ginn, ob des Accorden hir Ziler vun der Regionalentwé-cklung dann och erreechen.

Wat ee vläicht ka soen, dat ass, fir esou Ängsch-ten an Debatten am Virfeld an Zukunft zevirze-kommen, wier et awer vläicht och eng Iwwer-leeung wäert, an Zukunft am Virfeld vun esou Accorde sougenannt „sustainability impact as-sessments“ ze maachen, fir den Impakt op Wirtschaft, Ëmwelt a Mënscherechter am Vir-feld ze evaluéieren an net eréischt no fënnef Joer op esou eng Evaluatioun hinzegoen.

Trozd deem, dat krute mer och an der Kommis-sioun ... Mir hunn dat en long et en large dis-kutiéiert, et muss een och ëmmer kucken, a wéi engem Esprit esou Verträge verfaasst ginn. An et ass kloer, dass des Verträge an engem Esprit ge-maach gi sinn, deen en faveur ass vun de concernéierte Länner, a wou et och d'Zil ass, hinnen eng fair wirtschaftlech Entwécklung op Augenhöhe ze garantéieren. Dat ass e Punkt, dee mer ganz wichteg erschénkt, wann een de Kontakt mat deene Länner huet. Si hunn och eng Missioun, fir ze verhandelen. Si wëlle fair behandelt ginn an de Verhandlungen. An ech mengen, et ass wichteg, si do och als „equal partners“ unzegesinn.

Last but not least mengen ech, dass et mëttler-weil net just bei eis, mä och op europäeschem Plang relativ evident ginn ass, dass et och an eise eegenen Interêt ass, dass mer eis Partner fair behandelen, wa mer wëllen, dass si selwer eng fair Entwécklung kënnen matmaachen. Wa mer gesinn, wat onfair Behandlung mat sech bréngt um Niveau vun Aarmut, Flüchtlings-stréim et cetera, denken ech, dass mëttlerweil och en Ëmdenken do ass an dass mer eis alle-querte bewosst sinn, dass et an eise eegenen Interêt ass, eis Partner fair ze behandelen.

Als Allerlescht géif ech a mengem perséin-lechen Numm als Member vun der Kommis-sioun, dee seng politesch Carrière an der Kom-missioun mam Här Angel ugefaangen huet, och dem Här Angel nach eng Kéier Merci soen, dass en eis, déi Nei, esou léif ënner seng Fit-tiche geholl huet an eis an d'Welt vun der Di-plomatie agefouert huet. Et war eis eng grouss Freed.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Empain. An dann huet d'Wuert den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Jo, Här President, villmools Merci. Ech wëlt och ufän-ken, well et weess ee jo net, wéi dacks een nach d'Geleeënheet huet, fir dem Här Angel wierklech Merci ze soen.

► **M. Marc Angel (LSAP), *rapporteur***.- Ech kommen herno nach drun.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Du kënns ...

(*Hilarité*)

Et ass eng gutt Saach, wësst Der, den Här An-gel an ech, mir si seelen um Fong d'accord.

Awer ech mengen, datt mer och eng ganz res-pektvoll Relatioun mateneen haten. An ech hunn ëmmer dem Här Angel säi Fläiss staark bewonnert. Dat maachen ech och haut nach. An ech sinn iwwerzeegt, datt e sech och am Europaparlament op eng Manéier abréngt, déi och do Spure wäert hannerloossen.

Déi Diskussioun, déi mer haut hunn, déi ass eigentlech ugeräichert ginn iwwer eng Rei Kri-ticken, déi aus der Zivillgesellschaft koumen. An ech wëll ganz kuerz op déi agoen, déi Kri-ticken, well se awer interessant sinn. Ech wëll awer virausschécken, datt mir als ADR déi Ac-corden hei wäerte matdroen - och den Här Wagner hat dat gëschter gefrot -, well mer glo-bal der Iwwerzeegung sinn, datt se schonn eng Chance fir déi Länner duerstellen, obscho se, an do hutt Der recht an Ärer Analys gehat, eng ganz Rei Problemer hunn.

Mä déi Punkten, déi ech hei wëll ervirhiewen, dat ass als Éischt, Multilateralismus géint eng aner Tendenz, déi mer am Abléck an der Welt hunn: Isolationismus.

An et si ganz vill ONGen, déi u sech hei, mengen ech, sech géint de Multilateralismus dréien. Et ass interessant, fir dat ze gesinn, well mir verdeedegen dat jo eigentlech ëmmer, oder vill Parteien heibanne verdeedegen dat. Mir kritiséieren dëst oder dat anert Land, well se sech anscheinend méi op sech selwer wëlle bezéien oder dat och reell maachen, mä och hei gesi mer eng Tendenz, datt de Multilatera-lismus vun enger anerer Säit a Fro gestallt gëtt. An ech mengen, mir müssen Iwwerzeegungs-aarbecht leeschten, well mer schlussendlech der Meenung sinn, datt keen eppes ze gewan-nen huet, wa jidderee sech op sech selwer zrëckzitt.

De Multilateralismus muss begleet sinn. En huet och seng Nodeeler. Mä all déi Diskussio-nen, déi mer den Abléck hunn, weisen d'Kom-plexitéit vun dese Froen.

Hei ass och eng ONG, déi eis schreift, mir mis-sen zum oppassen, datt déi Entwécklung hei net zum Profit ass vun deene groussen euro-päeschen Entreprene. Sécher si se zum Benefiss vun de groussen europäeschen Entreprene. Mä ech mengen, et ass schwéier fir e Land, sech ze entwéckelen, wann net grouss Entreprene hi-ren Know-how abréngen.

Ech denken do just emol un d'Geschicht vun eise eegene Land. Och dat ass markéiert, zum Deel, de Fortschritt, och hei am Land, och de soziale Fortschritt ass net friem gewiescht, och vum ekonomesche Succès vu groussen Entreprene. (veuillez lire : Och dat ass markéiert, den ekonomesche Succès vu grou-sen Entreprene ass, zum Deel, och dem soziale Fortschritt hei am Land net friem gewiescht.)

Et kann een net eng Croisade géint d'Entre-prisë féieren. Ech mengen, och hei muss een e Gläichgewicht fannen tëschent der Handlungs-méiglechkeet vun Entreprene an enger gudder sozialer Begleitung dovunner.

Dann hu mer Aspekter, déi hei net zur Sprooch koumen, wat mech wonnert, well ech mer jo u sech vu Gambia-Parteien erwaart hätt, datt déi déi Froe méi zur Diskussioun bréngen. An ech fänken emol u mat der Klimadiskussioun. Mir hunn hei Accorde vun ënnerschiddlecher eko-nomescher Natur, déi awer alleguer drop erauslafen, fir ze kucken, fir déi Länner, mat deene mer hei handeln, ekonomesch méi staark ze entwéckelen, och ze industrialiséieren zum Deel.

A vill vun deene Länner hunn net nëmmen eng enorm demografesch Croissance, mä och eng ganz staark ekonomesch Croissance. Mir mussen wëssen, datt déi Accorden och dozou féieren, fir d'Kuelendioxidemissiounen staark an d'Luucht ze setzen. Ech wëll just drun erënne-ren, datt déi gesamt Europäesch Unioun aktuell nëmmen 10 % vun de weltwäite Kuelendioxid-emissiounen huet an datt déi Entwécklungen, déi mer am Abléck hei an dese Länner gesinn, an Afrika, iwwert dat mer haut schwätzen, do-zou féiert, datt dee prozentualen Undeel vun Europa dorunner nach wäert erofgoen.

Mir müssen eis also och d'Fro stellen, och am Kader vun enger Diskussioun vum Accord de Paris: Wéi effikass ass wierklech eis Handlung hei an Europa, Europäesch-Unioun-wäit an och lëtzebuergwäit am Vergläich zu deem, wat sech weltwäit deet a wat mir och weltwäit aktiv ënnerstëtzen? Ech mengen och ..., den Här Wagner hat an enger vu senge Rieden de Moien, deenen ech ëmmer ganz gär no-lauschteren, gesot: „Mir kucken ‚the bigger picture‘.“ Majo, hei ass och eng Fro, wou ee sech ka froen an deem Kontext: Wou ass dat grousst Bild?

Aner Froen, vun deenen ech mer erwaart hätt, datt d'Gambia-Parteien sech géifen aktiv abréngen, dat sinn d'Mëscherechter. Mir hunn hei Accorde mat verschiddenen Staaten, iwwert déi mer schwätzen, déi grouss Problemer hunn. Ech wëll just drun erënneren, ech hat dat

gëschter kuerz ugeschwat, de Kongo mat der Kanneraarbecht, wou jo hei déi Politik, déi mir an Europa maachen, och hei zu Lëtzebuerg, dat a Kaf hëlt.

Ech huelen zur Kenntnis, datt den Här Turmes eis seet: „Mir schaffen un anere Batterië fir d'Elektromobilitéit.“ Jo, dat ass gutt. Da schafft drun! Mä soulaang déi nach net do sinn, huele mir jo awer aktiv a Kaf, net mir als ADR, mä d'Regierung, Lëtzebuerg also a senger Aktioun, datt Kanneraarbecht am Kongo muss gelescht ginn, fir d'Elektromobilitéit zu Lëtzebuerg ze erméiglechen. A si gëtt souguer subventio-néiert!

Ech hunn domadder e grouse moralesche Pro-blem! Mir hunn als ADR dat och e puermol hei artikuléiert. Et geet net! Wann een da waart bei der Elektromobilitéit, bis Batterien disponibel sinn, déi ouni Mëscherechtsverletzungen kënnen benotzt ginn oder hiergestallt ginn, d'accord! Awer dat doten a Kaf ze huelen an och nach staatlech ze subventionéieren, ass onmora-lesch.

(*Interruptions*)

Jo, Handyen och! Mä déi ginn elo net vum Stat subventionéiert. Dir subventionéiert d'Elektro-mobilitéit.

(*Interruption par M. Henri Kox*)

Jo, Här Kox. Dir kënnt roueg e schlecht Gewës-sen hunn. Jo, jo.

(*Interruption*)

Also, Klima, Kanneraarbecht an och aner Mën-scherechter, och aner Mëscherechter! An ech wëll zum Beispill soen, dat ass ee vun deene Grënn, firwat mer déi Accorde mat ënnerstëtzen, well et u sech eng positiv Saach ass, datt d'Mëscherechtsdispositionen an esou engem Accord de partenariat drastinn.

Wéi ee konkrete Wäert se hunn, wéi se iwwer-préift ginn, wéi se begleet sinn, dat ass dann natierlech ëmmer eng aner Fro. Mä vill vun deene Länner hei hu Problemer. Och zum Bei-spill mat der Communautéit vun den Homo-sexuellen am Ghana, mat Fraerechter an ane-ren Themen, déi awer gewéinlech och ganz gare vun Äre Parteien zu Recht, muss ech soen, dacks thematiséiert ginn. An awer hei ginn déi Saachen net ugeschwat. Ech mengen, et kann ee jo net higoen a soen: Desto méi wäit geo-grafesch de Problem ewech ass, desto manner schwätze mer driwwer. Ech menge schonn, datt mer eis all déi Saache mussen bewosst sinn, wa mer iwwert déi Accorden hei schwätzen. Am Globalen ...

(*Interruption*)

Gelif?

► **Mme Stéphanie Empain (*déi gréng*)**.- Däerf ech Iech eng Fro stellen?

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Selbstver-ständlech däerft Dir mir eng Fro stellen.

(*Brouhaha*)

► **Mme Stéphanie Empain (*déi gréng*)**.- Mech géif just interesséieren an deem Kader ...

► **Mme Josée Lorsché (*déi gréng*)**.- De Pre-sident muss de froen!

► **Mme Stéphanie Empain (*déi gréng*)**.- Wat gelif?

► **Mme Josée Lorsché (*déi gréng*)**.- Den Här President muss der d'Wuert ginn.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Madamm Empain, loosst Iech net stéieren! Stellt roueg Är Fro.

► **Mme Stéphanie Empain (*déi gréng*)**.- Dir musst mir anscheinend d'Wuert ginn.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Stellt roueg Är Fro!

► **Mme Stéphanie Empain (*déi gréng*)**.- Okay. Voilà. Mech géif interesséieren an deem Kader, wa mer dat eent géint dat anert opspil-len, wat mer jo hei maachen, wéi Dir dat gesitt, wa mer vu Pétrol schwätzen, deen och aus Län-ner kënnt, wou d'Mëscherechter jo, allez, och net terribel sinn? Spillt dat bei Iech an der Equatioun mat? Oder ass et just géint dat eent an dat anert ass egal?

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Wësst Der, d'Welt ass komplex. Ech soen Iech éisch-tens Merci fir Är Fro.

(*Brouhaha*)

Mä kuckt! Et ass schonn en Ënnerscheid doran-ner, ob mer et mat enger Pétrolindustrie ze dinn hunn, déi an deene meeschte Länner kloer Regeln huet, net op Ausbeutung vu Kanner oder op esou Moyene muss zrëckgräi-



fen, obschonn et Länner gëtt wéi Nigeria oder aner Plazen, wou d’Pétrolsindustrie opgefall ass duerch massiv Korruptioun an der Vergaangenheet. Si hunn aner Methoden.

An net ... Alles, wat d’Pétrolsindustrie mécht, haut an och fréier virun allem, wou och grouss strategesch Interessen am Spill waren an och net gezéckt ginn ass heiansdo, fir Kricher unze-fänken, fir déi eng oder déi aner Ressource kënnen ze kréien, alles dat ass selbstverständlech wouer.

Mä da muss ech lech awer och froen: An ech hunn hei mat kengem Wuert d’Pétrolsindustrie verherlecht oder an den Himmel gehuewen, dat hunn ech net gemaach. Mä dat ass jo och hei net d’Diskussioun. Ech soe just, wa mer hei esou Accorde maache mat dem Kongo: De Lëtzebuerg Stat subventionéiert am Abléck Kanneraarbecht am Kongo. Dat ass en aktuelle Sujet.

### (Interruption)

Dach, dat maacht Der. Selbstverständlech maacht Der dat.

Net nëmmen, datt Der d’Kanneraarbecht am Kongo subventionéiert, mä eben och d’Ausbeutung vu Lithium am Chile - den Här Gibéryen hat dat gëschter gesot -, wat zum Nodeel vun de Baueren ass, well d’Grondwaasser do verschwënnt.

Wësst Der, ...

► **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Et ass Salzwaasser, et ass keen Drénkwaasser.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Gelift?

► **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Et ass Salzwaasser! Et ass keen Drénkwaasser!

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Nee, et ass Drénkwaasser. Et ass Drénkwaasser! An et gëtt zu enger Wüst eben doduerch!

Wësst Der, natierlech, ech wëll hei net an, ech mengen, kee Mënsch kann hei den Eloge vun der Pétrolsindustrie maachen. Mä wéi gesot, dat ass net de Sujet vun haut. An et ass net, well an engem Beräich vun der Economie reell Problemer existéieren, wéi zum Beispill am Beräich vun der Pétrolsindustrie, datt mer dofir müssen a Kaf huelen, datt an eiser aktiver politescher Gestaltung, an eise Relatiounen mat Afrika aner Problemer sollen optauchen. Dat eent excuséiert net dat anert.

Dann nach e leschte Punkt am Kader vun dëser Diskussioun, Madamm Empain, dat ass d’Nuklearindustrie. Mir hu mat enger Rei vun dëse Staten eng Kooperatioun, eng aktiv iwwer Euratom a bilateral Accorden, déi och hei an dës Accorde mat eraspillt, iwwert déi friddlech Notzung vun der Atomenergie. Dat ass an der Rei, a priori, well mir hu jo selwer als Lëtzebuerg Accorden ënnerschriwwen, wou mir eis zur friddlecher Notzung vun der Nuklearenergie engagéieren: Euratom.

A bis haut, an dat ass och interessant, hunn déi gréng net an der Regierung virgedroen, datt déi Accorde sollen denoncéiert ginn. Dat ass bis elo net geschitt. A mir hu se hei aktiv dran.

Ech wëll lech och do op eng Kontradiktioun vun Ärer Politik opmierksam maachen: Dir engagéiert lech hei aus Grënn, déi ee kann novollzéien, aktiv géint d’Nuklearenergie, an dësen Accorden allerdings spillt se eng Roll. Ass dat kohärent? Menger Meenung no ass et et net!

Mir als ADR wäerten dat hei matstëmmen, well mer Leit sinn, déi voller Hoffnung liewen - voller Hoffnung -, all deene Länner eng wonnerbar Entwécklung wënschen, wou mir se op deem Wee wäerte begleeden an ënnerstëtzen, sou wäit mer dat nëmme kënnen. Awer mir wëllen och hei soen, datt déi politesch Diskussioun net däréif iwwert déi Problemer ewechkucken, déi et gëtt.

Ee lescht Wuert vläicht: Wa mer fir déi Accorde stëmmen, dann ass dat och, well mer wëssen, datt mer an enger Konkurrenzsituatioun sinn. Ech hu léiwer, aus strategesche Grënn, och aus Mënscherechtsgrënn an aus villen aneren, och aus Naturschutzgrënn, datt eis europäesch Entreprise sech an Afrika engagéieren an datt déi europäesch State sech an Afrika engagéieren, well ech mengen, datt déi Standarden, déi si den Afrikaner ze offréieren hunn, besser si wéi déi, déi eis Konkurrenten op weltwäitem Plang hinne kënnen bidden.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kartheiser. An elo kënnen mer op een Neits, mat Pleséier, dem honorabelen Här David Wagner nolauschteren

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Groussem Pleséier! Merci, Här President. Mat groussem

Pleséier, well ech muss jo elo ufänken, e bëssen dergéint ze schwätzen.

### (Interruptions)

Mä u sech, datt den Här Kartheiser an datt u sech eng éischter riets Partei wéi d’ADR esou eppes ënnerstëtzen, seet alles.

Ech mengen, déi gréng an d’LSAP, ech hunn nach net verstanen, wat Dir dorunner ze fannen hutt. Mä franchement, wann ech och nach bedenken, datt déi gréng, déi u sech um Ursprung hei zu Lëtzebuerg, och vun der Solidaritéitsbewegung wéi der ASDM an esou weider waren, an den 80er Joren, 70er Joren, dat ass definitiv Tempi passati.

Ech mengen, ech kennen och gewësse Grénger, déi net méi an där Partei aktiv sinn, aus gudde Grënn, an déi sech vläicht nach ëmmer e bësse fir d’Solidaritéit mat Afrika interesséieren, an déi mussen sech elo ulauschteren an ukucken, wat déi gréng elo an der Chamber maachen, wat fir eng schlëmm Accorden - schlëmm Accorden! - se ënnerstëtzen.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Dat ass eng béis Ennerstellung!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Dat ass keng béis Ennerstellung, dat ass eng Realitéit!

Wësst Der, Dir sidd ...

### (Interruption)

Wësst Der, jo ... Oh kommt, mir ginn direkt of-fensiv, kommt, mir streiden e bëssen!

Well, wësst Der, den Här Kartheiser ass deen, dee mech am mannsten nervös gemaach huet. Hien ass weinstens kohärent. Mä ech ... Déi Hypokrisie oder deen Je-m’en-foutismus, deen elo op menger Lénker geschitt par rapport zu solchen Accorden.

Jiddereen ass dergéint. D’Gewerkschaften an Afrika sinn all dogéint. D’Bauereverbänn an Afrika sinn all dogéint. Alles, wat fortschrëttlech ass an Afrika, se sinn all dogéint. Mä nee, privilegiéiert wäiss Männer a privilegiéiert wäiss Fraen hei an Europa erklären den Afrikaner, wat gutt fir si ass. An dat ass dat, wat mech rose mécht!

Ech kann och zitéieren. An dann de Louis Michel ze zitéieren, fir iwwer Afrika ze schwätzen; ech kenne besser Referenzen! Den „Big Loulou“, wéi en am Kongo genannt gëtt. Bon, soit.

Ech kann zitéieren och, 2007, am Dezember, de Conseil des Ministres vun den AKP-Länner: « Les Ministres observent que les intérêts mercantilistes de l’Union européenne ont pris le dessus sur les intérêts en matière de développement et d’intégration régionale des pays ACP. »

Dat ass och nach diplomatesch ausgedréckt. Dat ass jo op diplomateschem Parkett. Do kann ee sech da liicht ausmolen, wat fir een Drock ..., wéi grouss den Drock war hannert de Kulissen.

D’Europäesch Kommissioun huet probéiert, déi afrikanesch Länner mat Entwécklungsgelder ze köderen, an duerno mat Entzuch vun Entwécklungsgelder ze menacéieren. Si huet op Basis vu falsche Premissen negociéiert an de Mangel un Experienz a vun Infrastruktur wahrscheinlech och bei den afrikaneschen Negotiateuren ausgenutzt. Si huet während de Verhandlungen all Bedenke vun afrikanescher Säit ignoriéiert, all Flexibilitéit refuséiert an ee Land géint dat anert ausgespillt. Dat ass d’Realitéit. A well dat alles net gaangen ass, huet se schlussendlech mat der Briechstaang eng Ennerschrëft erzwongen.

Dee ganze Projet vun de faméisen Accords de partenariat économique kann een eigentlech just als neokolonialistesche bezeichnen. D’Kolonialisten am 19. Jorhonnert, a bis an d’60er Joren eran an Europa, déi hunn hir Entreprise coloniale jo och esou justifiéiert, datt mir deenen „Savagen“ do d’Zivilisatioun matbréngen. Mir wësse ganz genau, wéi dat geendegt huet. Et ass genau datselwecht!

Well natierlech, also wann ech elo gewësse Riedner héieren iwwert d’EU schwätzen, et géif ee mengen, d’EU, dat wier esou e Petzi, esou e léift Déierchen, wat do kënnt, an esou weider, a mir liewen an enger Bussi-Bussi-Welt, wou: „Bon, do sinn e puer Problemer, mais on va voir. Mir wäerten dat am A behalen, mä grosso moddo geet et besser“, an esou weider.

Neel! Esou funktionéiert dat net. Et geet wierklech ëm d’Ausbeutung duerch westlech Multinationallen op där Plaz. Et geet och drëms, fir ze verhënnern, datt déi Länner sech wierklech och selwer kënnen weiderentwéckelen.

Et sinn e puer Mythen och nach ëmmer an där Diskussioun. Et gëtt esou de Mythos, deen éischte Mythos, dat ass, fir ze soen, et géif keng aner Méiglechkeet ginn, well deen alen Handelssystem, dee wier mat der Welthandelsorganisatioun net méi konform.

Jo, de Lomé-System war net kompatibel mat der OMC. Mä datt et keng Alternativ gouf, dat ass net richtig.

### (Interruption)

Et hätt een éischters kënnen eng nei Ausnameregeling bei der OMC ufroen, sou wéi d’USA dat och mat hirer Afrika-Initiativ AGORA am Joer 2015 gemaach hunn. Oder et hätt ee kënnen de sougenannten « Système de préférences généralisées Plus » reforméieren, fir de Maartzougang fir déi Länner ze erhalen.

Dës alternativ Léisung wollt d’EU-Kommissioun awer, trotz dem Insistéieren vun den afrikanesche Länner, emol net diskutéieren, obwuel se och nach vertraaglech am Cotonou-Accord dozou verflucht war.

Et gëtt en zweete Mythos: Déi Accorde si gutt fir déi regional Integratioun.

Et ass genau de Géigendeel. Et ass genau de Géigendeel! Genau de Contraire ass de Fall. Déi Accorden hunn zum Beispill a Westafrika déi regional Integratioun sabotéiert a mëttlerweil komplett geläimt. D’Situatioun ass immens komplex. Mä, fir et vereinfacht ze soen: Eng gemeinsam regional Zollunioun ass mat dësen Interimsaccorden net méiglech. Et sief dann, all d’Länner vun der Regioun, dorënner déi Äermst ënnert deenen Äermsten, akzeptéieren ebenfalls e Fräihandelsokkommes mat der EU.

Drëtte Mythos: Si sinn asymetresch an dofir speziell op d’Bedürfnisser vun deene Länner ugepasst.

Jo, Länner wéi de Ghana oder d’Côte d’Ivoire kënnen ronn 20 % vun hire Produktlinne vun der Liberaliséierung erausklammern - wat knapps duergeet, fir hiren immens fragilen Agrarsektor ze schützen. Mä bei all anere Produkter wäerte se der europäescher Konkurrenz ongebremsst ausgesat ginn.

Datt eng Öffnung ënner 80 % net-OMC-konform wier, ass och falsch. Déi betreffend Passagen am GATT sinn immens vag an d’OMC huet an der Vergaangenheet och Accorden duerchgoe gelooss mat manner wéi 80 %, souguer Accorden tëschent Industriestaten. Dat heescht tëschent Länner, déi weinstens d’selwecht ..., plus ou moins deeseweichten Entwécklungsgrad hunn.

Déi 80 % ass einfach eng unilateral Interpretatioun vun der EU, vun deem léiwe Petzi do. Well déi westafrikanesch Länner wollte just 60 % opmaachen, mä dovunner wollt d’EU näischt héieren.

Véierte Mythos: D’Adaptatioun un dës Accorde gëtt massiv duerch Entwécklungsgelder flankéiert.

Elo komme mer an den « grand n’importe quoi »!

Dat gouf hinnen deemools versprach. Dat ass natierlech net am Usaz agehale ginn. Et si Gelder gefloss, mä déi si gréisstendeels just innerhalb vum europäeschen Entwécklungsfong ëmklässiert ginn. Mat anere Wierder: Gelder, déi eigentlech virgesi waren, fir Schoulen ze bauen, ginn ëmbeenannt an „Aid for Trade“. - Aid for Trade, dat ass eng Aart Pax Romana. Ech weess och net, wéi een dat soll soen.

Donieft sinn déi Gelder just eng Drëps op dee waarme Steen. De Ghana zum Beispill, e Land mat 30 Milliounen Awunner, dee kritt ongeféier 50 Milliounen Euro pro Joer aus dem europäeschen Entwécklungsfong. Datt dat net duergeet, fir den Impakt vun esou engem Fräihandelsaccord ofzewieren, ech mengen, dat wäert jidderengem aliichten.

Dat si just e puer Aspekter. Da ka gesot ginn: Okay, et sinn awer nach vläicht gutt Saachen, wéi déi faméis Mesures de sauvegarde. Oder déi Infant-industries-Klausel, fir Industries nassantes. Mä déi si komplett onzouräichend am Verglach zu der Fragilitéit vun deenen Economien. Si kënnen nëmme ënner ginn bestëmmten Ausnamebedéngunge benotzt gi fir e ganz limitéierten Zäitraum. An da kënnt och nach esou eng Aart Sunset-Klausel. Dat heescht, si kënnen nëmme während deenen éischten 10 bis 15 Joer an Usproch geholl ginn. Dat heescht, dat sinn all déi Mesuren, wou se kéinten nach d’Industrie e bësse protegéieren, par rapport zu de Mastodonten aus der Europäescher Unioun.

Ausserhalb vun deenen exzeptionelle Schutzmoossnamen a ganz präzisen Eenzelfall verbitt eng generell Standstill-Klausel dës Länner all Erhéijung vun hiren Importtariffer, an zwar bis éiweg, bis an all Éiwegkeet. Eng Revisiounsklausel, déi et erméiglecht, spéider d’Liberaliséierung nach eng Kéier ze korrigéieren, fir op negativ Entwécklungen ze reagéieren, gëtt et just am APE mat de karibesche Länner.

An dann och nach d’Aféierung vun Exporttariffer, déi zum Beispill bei Nahrungsmittelkrisen immens wichtig sinn, well déi kann een dann

asetzen, fir datt d’Narung d’Land net verléisst - dat gëtt mat dësen Accorden dës Länner verbueden.

An da gëtt et nach déi Klausel vun der Nation la moins favorisée (veuillez lire : Nation la plus favorisée), datt déi Länner automatesch der EU déi Virdeeler mussen ginn, déi se anere grouss Länner oder Handelsbléck gewären. Domadder gëtt den Handel tëschent deene Länner a grouss Schwellelänner natierlech ënnerbonnen.

An da gëtt et nach déi Rendez-vous-Klausel - dat klénkt ganz romantesch, ass et awer net -, déi beseet, datt déi Länner innerhalb vun engem bestëmmten Zäitraum mat der EU iwwer eng Liberaliséierung vun de Services mussen verhandele souwéi iwwer Investitionsschutz a Propriété intellectuelle, obwuel dës Länner dat ofleenen.

Virrun hat den Här Kartheiser gesot, et brauch ee grouss Multien, fir datt e Land sech entwéckelt. En huet e Parallèle gezu mat der Stolindustrie hei zu Lëtzebuerg.

Jo, mä de Problem ass jo deen: Wann en ënnerentwéckelt Land versicht, sech ze entwéckelen an eng Industrie, eng souverän Industrie opzebauen, an et huet een awer schon alles verginn un eng Industrie aus engem westleche Land oder eng Multi, déi justement schonn esou vill am Virus ass, da ka justement déi Entwécklung net geschéien.

An, ech mengen, dat ass ganz bewosst och esou, datt et ni geschitt. Well dann hu mer weiderhin Ofsazmäert, déi ganz praktesch sinn. Dat heescht, mir wäerten och verhënnern, datt déi Länner sech entwéckelen. Well, et muss een och ëmmer oppassen, wa gesot gëtt: „Mir protegéieren och agricole Produkter, 20 %“, oder esou weider. Dat ass richtig. Mä anerersäits ginn Industrien net onbedéngt esou protegéiert, respektiv gi spéiderhin och Services net protegéiert.

An dann, et ass och nach e Problem bei den Zollrecetten. Well dës Accorden huelen deene betraffene Länner d’Méiglechkeet, hir Marchéen ze schützen an eegen Industriesektoren ze developpéieren, wéi ech dat elo grad gesot hunn, a späre se domat an hirer Roll als Rohstofflieferanten u sech an. An dës Accorde verhënnern, datt dës Länner mat grössere Schwellelänner kënnen Handelskooperatiounen agoen a blockéieren domadder de Süd-Süd-Handel.

Dës Accorden huelen deene Länner wichtig Zollrecetten ewech. Beim Ghana sinn dat zum Beispill ronn 10 % vun de Statsrecetten, déi ewechfalen. Mä et ass alles gutt an d’EU ass weiderhin e Petzi!

Här President, ech hat nëmmen zéng Minuten. Ech hat 15 Minuten, fir iwwer e Gaardenhaischen ze schwätzen haut de Moien. Ech hunn zéng Minuten, fir iwwert d’Existenz vu Milliounen vun Afrikaner ze schwätzen, mä et ass net esou wichtig!

Wéi sot scho méi de Mitterrand anscheinend 1994, wou e Genocide am Ruanda war: « Vous savez, dans ces pays-là, un génocide, ce n’est pas si grave (veuillez lire : un génocide n’est pas trop important. »

Anscheinend huet en dat gesot. Wann en dat net gesot huet, et sinn der vill, déi am Westen dat geduecht hunn. An et mierkt ee jo och, datt hautzudaags weiderhin ..., dat heiten ass kee Genocide natierlech. Dat heiten, dat dréit nëmmen dozou bái, datt weiderhi Milliounen vu Leit an Afrika, déi Schwächst ënnert deene Schwächsten, sech net wäerte weiderhi kënnen entwéckelen.

Da kann ee mat guddem Gewësse mat sengem Fanger op „Jo“ drécken an duerno soen: „Oh, mais on verra. Mir wäerten dat suivéieren. Et wäert besser goen.“

Et wäert net besser goen! Dofir sinn déi Accorden net geduecht.

Wannechgelift, lauschtet och op déi Leit, déi betraff sinn! Well dat ass dat, wat ... Ech erfannen dat jo net. Ech kucke jo e bëssen dat, wat déi soen op der Plaz. All déi ONGen op der Plaz, d’Leit op der Plaz, et ass keen ... Si soen net: „Passt op!“ Si hunn net e puer kleng Kriticken. Si soen: „Huelt dat guer net un!“ Dat ass dat, wat si soen. Dat ass dat, wat ech wäert maachen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. Den Här Sven Clement steet schonn zwou Minutte prett.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Handelsaccorde kënnen fir déi involvéiert Natiounen engersäits eng Chance duerstellen, fir nei Marchéen ze erschleissen, anerersäits awer och eng Geför fir de klengen a lokale Commerce sinn.

Wann een d’Puissance vum europäesche Maart mat där vun den nationale Marchéen vun den



afrikanesche Länner vergläicht, mat deene mer hei Accorde maachen, gëtt seier kloer, wie sech hei aktuell an enger méi staarker Positioun befënnt. Obwuel den afrikanesche Kontinent en enorme Räichtum u Buedemschätz huet, ass et, an dorunner si virun allem Europäer schold, bis elo nach net gelongen, fonctionnéierend afrikanesch Marchéen ze etabléieren, déi d'Awunner um Räichtum vum Land deelhuele loossen.

De Ruanda gouf haut schonn eng Kéier genannt, an ech si ganz frou, datt haut deen éischte Smartphone, deen honnert Prozent Made in Africa ass, op de Marché komm ass. Well dat weist, datt sech eppes doet. Et weist awer och, datt déi lokal Marchéen nach vill „catch up“ ze maachen hunn. Se mussen sech nach weiderentwéckele kënnen.

Duerch déi virlelend Accorde sollen awer elo europäesch Produite méi einfach um afrikanesche Maart placéiert kënnen ginn. Dat héiert sech fir d'Éischt emol net schlecht un. Wien ass da schonn dergéint, datt mir nei Marchéen denichéieren, fir eppes ze verkafen?

Et besteet awer d'Gefor, dass doduerch net nëmmen de lokale Commerce vun de Partnerlänner duerch europäesch Dumpingpräisser a -produiten ënner Drock geréit, mä och d'Nopeschlänner vun dese Länner. Länner wéi zum Beispill de Mali, de Senegal oder de Burkina Faso wäerten och vun de Repercussiounen vun deem Accord oder vun desen Accorde getraff ginn, obwuel si selwer guer net Zeehnungspartner vun dese sinn.

Europäesch Agrarprodukte bleiwen, wa se bis an engem afrikanesche Land um Maart sinn, natierlech net just an deem Land. Ausgoend vun de Partnerlänner vun desen Accorden, geroden d'Produiten och schnell an d'Nopeschlänner, déi hirersäits keng Accorden agaange sinn, esou dass dann des den Nodeeler vum Partenariat économique ausgesat sinn, während se vun de Virdeeler net profitéiere kënnen.

Grad Lëtzebuerg, als Land, dat all Joer vill an d'Entwécklungshëllef investéiert an och mat vilen ONGen a ville Länner, wéi zum Beispill dem Mali, dem Burkina Faso an dem Senegal vertrueden ass - iwwregens Länner wou am Moment, wa mer de Burkina Faso kucken, eng dramatesch Situatioun ass -, sollt hei Responsabilitéit iwwerhuelen a kengen Accorden zoustëmmen, déi der Entwécklung vun dese Länner schuede kéinten, just, fir e puer groussen europäeschen Entreprises an d'Kaarten ze spilen.

Soulaang net kloer ass, wéi eng wirtschaftlech Konsequenzen a wéi eng Repercussiounen um Niveau vun der Ëmweltbelaaschtung a vis-à-vis vun enger Garantie vun de Mënscherechter ze erwaarden ass, kënnen esou Partenariats économiques net gudde Gewëssens zougestëmmt ginn.

Wat hu mir vun engem Partenariat, wann et zum Schluss just drëm geet, Wuere kräiz a queer iwwert de Planéit ze féieren, während d'Mënschen an onwierdegen Aarbechtsverhältnissen exploitéiert ginn?

Eleng de Fait, dass de Cercle de coopération vun de lëtzebuergeschen ONGen, déi dohanne sur place aktiv sinn an doduerch aus éischter Hand wëssen, wéi et ëm de lokale Commerce steet, sech géint des Accorden ausschwätzt, muss engem hei ze denke ginn.

Et sinn awer net déi eenzeg, déi sech dogéint ausschwätzen, an de Kolleg Wagner huet virun eng ganz Léicht opgezielt vun de lokale Gewerkschaften, iwwer Akteuren, souwuel nationaler wéi internationaler, gëtt et eng ganz Hickecht.

Wann een dem afrikanesche Kontinent eng reell Chance wëllt ginn, sech ekonomesch ze entwéckelen, da muss een d'Reciprocitéit fale loossen. Da muss ee bei der Welthandelsorganisatioun ufroen, eng Ausnam ze maachen, fir den afrikanesche Länner vollen Zougang zu den europäesche Marchéen ze ginn, ouni an enger éischter Phas vun hinnen datselwecht ze erwaarden.

Well mir kee Gesetz matdroe kënnen, dat europäeschen Entreprises hëllef, hire Wuelfstand um Bockel vun exploitéierten Aarbechter op anere Kontinenter auszebauen, während Mënschen, also och an deene Länner, aner Problemer hunn, iwwerhaupt Problemer hunn, hir Grondbesoinen ze decken, wäerte mir des Projeten haut net matdroen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Ausseminister Jean Asselborn.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Et ass alles gesot ginn, wat de Pro an de Kontra ugeet.

Ech wëll just awer vläicht drop opmierksam maachen: Dir wësst, dass Lëtzebuerg, dat huet näischt mat deser Regierung ze dinne, mä an der Kontinuitéit an deene leschte Jorzéngte wierklech probéiert huet an der Kooperatioun, mir sinn haut op engem Prozent a mir wëllen dorobber bleiwen, fir do mat déi Beschit op dem Planéit ze sinn. A mir sinn awer och der Meenung, dat waren all Regierungen, och déi haiteg, dass Kooperatioun eleng net duergeet, mä dass och Handel soll kënnen gemaach ginn.

Nun, vläicht fir déi Kolleegeen, ech respektéieren alles, mä déi gesot hunn, dass hei nëmmen d'Multie géife profitéieren: Zu dem APE gëtt kee forcéiert. An ech mengen, dass et net richtig ass, Här Wagner, dass mer d'Gewerkschaften solle froen a verschiddene Länner oder ONGen, dat ass selbstverständlech ganz wichteg, mä et gëtt an deene Länner jo och Regierungen an et gëtt Parlamenten. A bei deem, wou mer haut virleien hunn, hunn d'Parlamenten ...

**(Interruption)**

Zielen d'Parlamenten net méi?

... Jo gesot, dass se wëllen deen APE, dass se dee wëlle matdroen.

Sou, wann alles esou schlecht wier, wëll ech och d'Fro stellen, woufir Länner wéi d'Komoren, wéi Simbabwe, wéi Mauritius, wéi d'Seychellen eis elo scho gesot hunn, dass se wëlle méi wäit goen.

An, ech mengen awer, e ganz wichteg Punkt fir déi Leit, déi sech ëm d'Mënscherechter a Rechtsverletzungen bekëmmern, ass: Am Kader vun den APE ass ee ganz staarke Punkt, dee sech op d'Mënscherechter bezitt. An et gëtt ee Land, - ech soen elo ee Land, dat ass en typescht Beispill - Nigeria wëllt net een APE hunn. Se wëllen net, dass d'Europäer Asiicht hunn an d'Mënscherechtsverletzungen, déi eventuell an deem Land kéinten zum Droe kommen.

Duerfir, Här President, et sinn zwanzeg Länner vun der Europäesch Unioun, souguer méi wéi 20 Länner vun der Europäescher Unioun hu bis elo déi Accorden hei guttgeheesch. Ech mengen net, dass mer Aussätzeger wieren, wann dëst Parlament hei zu Lëtzebuerg dat och géif maachen. Déi Revisiounen, dat ass e puermoll ugedeit ginn, kënnen all fënnf Joer gemaach ginn. An, virun allem och: All APE-Land kann am Laf vun dem Kontrakt, kann et zoumaachen oder opmaachen. Ech mengen, och dat ass eppes, wat mer müssen ervirsträichen. Don!

Afrika soll eng Prioritéit si fir déi nei Kommissioun. Wann dann déi nei Kommissioun sollt eng Kéier den Dag gesinn, den 23. Oktober oder vläicht e weéng méi spéit, da verléiere mer e gudde Mann an der Chamber hei. An duerfir géif ech dem Här Angel och vu mir aus e grouse Merci soen, Marc, fir Deng Aarbecht, déi s De gemaach hues an der Kommissioun, an och déi Aarbecht, déi s De gemaach hues hei an der Chamber. An et ass jo hautdesdaags exzessiv rar, dass emol en Deputéierte vun alle Säite geéiert gëtt a gelueft gëtt. Dat hutt Der gemaach virdrun.

An duerfir och vu menger Säit, Här Angel, Marc: Merci fir all dat, wat s De fir eis gemaach hues! A vläicht kéins De souguer nach weiderfueren.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Ausseminister.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7375 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7375. Den Text steet am Dokument 7375<sup>2</sup>.

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7375 ass mat 55 Jo-Stëmmen bei 4 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7375 est adopté par 56 voix pour et 4 voix contre.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Aly Kaes (par M. Paul Galles), Marc Lies (par M. Félix Eischen), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Hansen), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Spautz), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank*

*Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;*

*MM. Marc Angel, Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Alex Bodry, Mme Tess Burton (par M. Alex Bodry), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten) et Mme Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen (par M. François Benoy), Henri Kox, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Ont voté non : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.*

*Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?*

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7376 et dispense du second vote constitutionnel**

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7376. Den Text steet am Document parlementaire 7376<sup>2</sup>.

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet 7376 ass mat 54 Jo-Stëmmen a 4 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7376 est adopté par 56 voix pour et 4 voix contre.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Aly Kaes (par M. Paul Galles), Marc Lies (par M. Félix Eischen), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Hansen), Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Viviane Reding), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;*

*MM. Marc Angel, Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Alex Bodry, Mme Tess Burton (par M. Alex Bodry), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten) et Mme Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen (par M. Henri Kox), Henri Kox, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Ont voté non : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.*

*Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?*

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7377 et dispense du second vote constitutionnel**

Mir kommen elo zum Vott vum Projet de loi 7377. Den Text steet am Document parlementaire 7377<sup>2</sup>.

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

Dëse Projet de loi 7377 ass mat 54 Jo-Stëmmen, bei 4 Nee-Stëmmen, ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7377 est adopté par 55 voix pour et 4 voix contre.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Aly Kaes (par M. Paul Galles), Marc Lies (par M. Félix Eischen),*

*Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Hansen), Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Viviane Reding), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;*

*MM. Marc Angel, Dan Biancalana (par M. Mars Di Bartolomeo), Alex Bodry, Mme Tess Burton (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten) et Mme Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen (par M. François Benoy), Henri Kox et Mme Josée Lorsché ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Ont voté non : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.*

*Freet d'Chamber d'Dispens och hei vum zweete Vote constitutionnel?*

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7378 et dispense du second vote constitutionnel**

Mir kéimen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7378. Den Text steet am Document parlementaire 7378<sup>2</sup>.

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

Dëse Projet de loi 7378 ass mat 55 Jo-Stëmmen, bei 4 Nee-Stëmmen, ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7378 est adopté par 56 voix pour et 4 voix contre.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Aly Kaes (par M. Paul Galles), Marc Lies (par M. Félix Eischen), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Hansen), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Spautz), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;*

*MM. Marc Angel, Dan Biancalana (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mme Tess Burton (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten) et Mme Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen (par M. François Benoy), Henri Kox, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Ont voté non : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.*

*Freet d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?*

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7379 et dispense du second vote constitutionnel**

Da kéime mer elo zum Vott iwwert de Projet de loi 7379. Den Text steet am Document parlementaire 7379<sup>2</sup>.

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration.



De Projet de loi 7379 ass mat 55 Jo-Stëmmen, bei 4 Nee-Stëmmen, ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7379 est adopté par 56 voix pour et 4 voix contre.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Aly Kaes (par M. Paul Galles), Marc Lies (par Mme Octavie Modert), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Hansen), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Félix Eischen), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Alex Bodry, Mme Tess Burton (par M. Franz Fayot), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten) et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Den 7380, hate mer deen?

► Plusieurs voix.- Neen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7380 et dispense du second vote constitutionnel

► M. Fernand Etgen, Président.- Da komme mer elo zum Vott vum 7380. Den Text steet am Document parlementaire 7380<sup>2</sup>.

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dëse Projet 7380 ass mat 55 Jo-Stëmmen, bei 4 Nee-Stëmmen, ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7380 est adopté par 56 voix pour et 4 voix contre.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Aly Kaes (par M. Paul Galles), Marc Lies (par M. Félix Eischen), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Hansen), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Spautz), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana (par M. Mars Di Bartolomeo), Alex Bodry, Mme Tess Burton (par M. Franz Fayot), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten) et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen (par M. François Benoy), Henri Kox, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 11. 7389 - Projet de loi portant approbation

1° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Bulgarie relatif à l'échange et à la protection réciproque d'informations classifiées, fait à Sofia, le 29 janvier 2018 ;

2° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Conseil des Ministres de la République d'Albanie relatif à la protection réciproque d'informations classifiées, fait à Luxembourg, le 25 juin 2018 ;

3° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de Hongrie relatif à l'échange et à la protection réciproque d'informations classifiées, fait à Budapest, le 5 septembre 2018 ;

4° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Macédoine relatif à l'échange et à la protection réciproque d'informations classifiées, fait à Skopje, le 6 septembre 2018 ;

5° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République fédérative du Brésil concernant l'échange et la protection réciproque d'informations classifiées, fait à New York, le 25 septembre 2018

Da kéime mer elo zum Projet de loi 7389 iwwer fënnef Accorden am Beräich vum Austausch vu klassifizierten Informatiounen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

An ech géif gläich der Rapportrice vum Projet de loi, der honorabeler Madamm Lydia Mutsch, d'Wuert ginn. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

► Mme Lydia Mutsch (LSAP), rapportrice.- Wa mer dësem Accord zoustëmmen oder besser gesot dësem Gesetz, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, da gi mer eisen Aval fir direkt fënnef bilateral Accorden, déi zum Objet hunn en Echange an eng Protection réciproque vu klassifizierten Informatiounen, a mer ginn deem domadder e juristesche Kader.

Mir hu schonn eng ganz Rëtsch vun esou Accorden. Doduerch, dass elo fënnef Länner derbäikommen, gi mer vun 21 op 26 Accorden erop. An dat Ganzt reit sech an an eng Strategie, déi eist Land huet an aner Länner och, fir mat alle Partner vun der EU a vun der NATO esou Sorten Accorden ofzeschleissen, inklusiv och déi multilateral Accorden, déi derbäikomme bei de Protektiounsregimenter. An do kënnt zu der Europäescher Unioun an der NATO och nach d'ESA, d'European Space Agency, derbäi.

Ech hu gesot, et si fënnef Länner, mat deene mer esou en Accord ofschleissen. Déi fënnef Länner sinn zwee EU-Memberstaten, dat ass Bulgarien an Ungarn. Dann Albanien, e Kandidat, fir an d'EU ze kommen. Dat nämlecht gëllt och fir Nordmazedonien, och e Kandidat, fir an d'EU ze kommen an, iergendwéini an der noer Zukunft, och en NATO-Member. A Brasilien, wou mer jo d'lescht Joer eng Ambassad opgemaach hunn a gesot hunn, dass mer eis Relatiounen, politesch a wirtschaftlech Relatiounen an Zukunft mat deem Land nach wëlle méi intensiv handhaben.

Bon, d'Fro: Wat fällt alles ënner klassifizéiert Informatiounen? An der Vergaangenheet war et, wann een déi Terme gebraucht huet, ëmmer a Relatioun mat Krichssituatiounen, Secret militaire ass opgeworf ginn, national Sécherheet vun engem Land stoung a Fro.

Haut si souwuel d'Natur vum Krich ganz anescht wéi och d'Erausforderungen an d'Gefore fir d'Sécherheet, déi sech massiv verännert hunn. Ech wëll hei nëmmen d'Stéchwierder Terrorismus, Drogen- a Mëschchenhandel nennen, déi eigentlech keng Grenze méi kennen a scho guer keng Lännergrenzen, oder organiséiert Kriminalitéit, déi, par définition, an enger grenziwwerschreidender Optik ze analyséiere sinn.

An ech hunn déi elo opgezielt, fir domadder ze weisen, dass eng international Zesummenaarbecht onerlässlech ass. An dat betrëfft ebe grad, wann et ëm d'Froe vun der Protektioun geet vu wichtege Donnéeën oder vun engem Echange, dee wichteg ass, fir eng gewësse Schutzfonctioun kënnen auszeüben.

Dobäi kënnt och nach, dass haut an enger héich technologescher Welt och Technikdonnéeën oder wëssenschaftlech Donnéeë musse protegéiert ginn an och d'Sécherheet vun enger digitaliséierter Welt viru Cyberattaque séchergestallt muss ginn.

Dir gesitt also, dass déi heite fënnef Accorde sech an en existente Kader anuerdnen. Si sinn och, kann ee praktesch soen, Deel vun engem ganz grouse Puzzle vun der beschtméiglecher Gefor- a Gewaltpräventioun, déi een als Land ka maachen.

An dësen Accorde gi ganz fundamental Froe gekläert. Do geet et vun der Fro, wéini et eng

Klassifikatioun vun Dokumenter muss ginn, wéi eng Geheimhaltungsstufen et gëtt a wéi se agehale ginn, wien iwwerhaupt dierf esou eng Klassifizierung virhuelen, wien Zougrëff do-robber huet, an aner wichteg Froen an deem doten Zesummenhang.

D'Kommissioun huet sech zweemol mat deenen heite Froe beschäftigt, eng Kéier den 12. Mäerz an eng Kéier de 6. Mee, wat weist, dass awer deem heite Gesetz eng wichteg Bedeutung zougemoosst gëtt. Den Aval fir de Rapport krut ech de 6. Juni 2019, also kuerz virun der Sommervakanz. A mir hunn, dat kann ech vläicht och nach soen, net nëmmen den Avis vum Conseil d'État gekuckt, mä natierlech och den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires an der Chambre de Commerce, deene mer och probéiert hunn, Rechnung ze droen.

An ech wëllt domadder och vun dëser Geleeënheet als Rapporteur profitéieren, fir den Aval vun eiser Fraktioun zu dësem wichtege Projet ze ginn.

Merci.

► Une voix.- Très bien !

► M. Fernand Etgen, Président.- Merci villmools, Madamm Mutsch. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Wiseler.

Discussion générale

► M. Claude Wiseler (CSV).- Merci, Här President. Just fir der Madamm Rapportrice Merci ze soe fir dee Rapport, dee se gutt gemaach huet.

Selbstverständlech si mer och d'accord mat deem hei Projet, well et an eisen Aen och wichteg ass, datt déi Relatiounen an notamment iwwert d'Klassifikatioun vun Dokumenter, wa mer Relatiounen mat anere Länner hunn, wou esou Dokumenter hin- an hierschäckelt ginn, datt do och d'Regele kloer sinn, datt alles daitlech ass, wien wat dierf, an datt déi Klassifikatiounen, déi mir am Gesetz vun 2004 och festgeluecht hunn, datt déi och applikabel sinn, wa mer Dokumenter kréie vun anere Länner a vice versa.

Et ass eng normal Prozedur. Mer hunn elo fënnef Länner derbäi. Dat ass eng positiv Saach. Dofir wäerte mer dësen Text stëmmen.

Merci.

► M. Fernand Etgen, Président.- Merci villmools, Här Wiseler. An da wier et um honorabelen Här Berger.

► M. Eugène Berger (DP).- Merci, Här President. Ech wëllt och direkt der Rapportrice Merci soe fir hire Bericht, wou eigentlech schonn alles gesot ginn ass. Just vläicht eng Remark.

Effektiv ass et wichteg, datt mer déi Méiglechkeeten hunn, fir klassifizéiert Dokumenter mat esou vill wéi méigleche Länner ze echangéieren. Virun allem well een dat och muss gesinn, déi Stéchwierder sinn och scho gefall, am Kader vun dem Kampf géint d'international Kriminalitéit, géint den Terrorismus. Wou natierlech, wann een déi Méiglechkeet huet, fir esou Informatiounen auszetauschen, dat och besonnesch am Sënn vun der Präventioun ass an datt dat also sécherlech an där Hinsicht och da soll esou gesi ginn.

Ech mengen, deem ass eigentlech näischt bäizefügen an ech ginn och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► M. Fernand Etgen, Président.- Merci, Här Berger. An ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Stéphanie Empain.

► Mme Stéphanie Empain (déi gréng).- Merci, Här President. Ech notzen dann och dës Geleeënheet, fir der Rapportrice villmools Merci ze soen. Mir hunn eise Virriedner hei näischt méi weider bäizefügen a ginn domadder och den Accord vun eiser Fraktioun.

► M. Fernand Etgen, Président.- Merci villmools, Madamm Empain. An da wier et um Här Fernand Kartheiser.

► M. Fernand Kartheiser (ADR).- Jo. Villmools Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus e grouse Merci un d'Madamm Rapportrice.

Vläicht just ee kleng Bemoll: An der Opzielung vun deene Staten, mat deene mer Accorde maachen, ass déi fréier jugoslawesch Republik Mazedonien mat République de Macédoine bezechent. Mir hate virun deem historeschen Accord tëschent Griichenland an elo Nordmazedonien eng Regel an den internationale Bezeiungen, datt dat Land sollt als fréier jugoslawesch Republik Mazedonien bezechent ginn am internationale Verkéier, also och am bilateralen internationale Verkéier. Dat ass hei net agehale ginn. Dat ass awer elo net méi esou wichteg, well mer jo deen Accord hunn an dat Land elo Republik vun Nordmazedonien heescht.

Dat gesot, stëmme mir dës Accorden awer gäre mat.

Merci.

Le saviez-VOUS ?

### BUREAU DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Le Bureau, élu par la Chambre, se compose du Président, de trois Vice-Présidents et de neuf membres au plus. La Chambre élit également des membres suppléants permanents, dont le nombre maximal est fixé à neuf. Le Secrétaire général fait partie du Bureau sans toutefois pouvoir participer aux votes. Le Bureau représente la Chambre sur le plan national et international et règle les questions financières et d'organisation concernant les députés, le Parlement et ses organes. Par ailleurs, il s'occupe de la gestion des affaires de la Chambre et prend les décisions relatives au personnel de l'administration parlementaire.

### CONFÉRENCE DES PRÉSIDENTS

La commission dénommée « Conférence des Présidents » décide des questions relatives à l'organisation des travaux parlementaires, propose l'ordre du jour de la Chambre et donne son avis au sujet des projets de règlement grand-ducal pour lesquels son avis est requis en vertu d'une disposition légale.